Reglement N° 17 30.11.2004

Organisatioun an Duerchféierung vu gréissere Campen

1. Präambel
Dëst Reglement definéiert d'Konditioune wéi e grousse Camp muss organiséiert gin. Et erweidert dat bestoend Camp-Reglement Nummer 13.

2. Definitioun: Wat ass ee grousse Camp?
Ënnert grouss Campe sinn ze verstoen:
- Camp mat nationalen an / oder internationalen Invitatiounen
- Branchecamp
- Camp mat méi wéi 200 Leit.

3. Demande de principe

3.1. Den Organisateur muss 2 Joer virum Camp eng schréftlech Demande un de Verbandscomité riichten, woura folgend Punkte mussen definéiert ginn:
- maximal Zuel vun de Participanten
- Zilgrupp (Branche, Länner, Verbänn, Jongen an / oder Meedercher)
- Plaz an Datum
- Organigramm vum Topstaff (Campchef, Administratioun, Programm, Infrastruktur a Finanzen)
- D'Thema vum Camp
- D'pedagogesch Ziler an ee globaalt Programmkonzept

3.2. Op dës Demande hi gëtt de Verbandscomité ee schréftlechen Avis bannent 2 Méint.

4. Definitiv Demande an Accord

4.1. 12 Méint virum Camp muss den Organisateur dem Verbandscomité Informatiounen zu folgende Punkten zoukomme loossen:
- Programm
- Alternativ fir schlecht Wieder
- schréftlechen Accord vum Propriétaire a vun der Gemeng fir d'Plaz (mat Plang vum Kadaster)
- Infrastruktur (Ravi, Sanitaire, Hygiène, Sécherheet, Plaz)
- Campstaff (Organigramm, Leit an hir Qualifikatioun)
- Budget
- finanziell Ofsécherung
- Campsproochen

4.2. Op Basis vun dësen Informatiounen hëlt de Verbandscomité bannent 2 Méint eng Decisioun. Am Fall vun engem Accord ënnerhëlt de Verband d'Démarche fir d'Kommodo-Inkommodo Prozeduren unzefroen.

5. Suivi während de Preparatiounsaarbechten, der Duerchféierung an dem Bilan
Während de Preparatiounsaarbechten an der Duerchféierung bis hin zum Bilan gëtt eng Kontaktpersoun, déi vum Comité designéiert gëtt, regelméisseg iwwert d'Organisatioun informéiert. De Comité hëlt all Moossnamen déi noutwenneg sinn, fir sécher ze stellen, datt nëmme Manifestatiounen, déi de Qualitéitsusprech vun den LGS entspriechen, organiséiert ginn.

6. Sécherheet a Gesondheet um Camp

Wat d'Sécherheet an d'Gesondheet um Camp ubelaangt, gëlt d'Sécherheetskonzept vum Verband vun den LGS. Minimum 2 Méint virum Camp ass eng Entrevue vu Campresponsabele mam Sécherheetsbeoptraagte vum Verband.

7. Bilan

Spéitstens 6 Méint nom Schluss vum Camp muss de Verbandscomitlé e schréftleche Bilan kréien, wou folgend Punkten dra berücksichtegt gin: Administratioun, Finanzen, Hygiene a Sécherheet, Infrastruktur, Programm, Ravi an international Relatiounen, wa Participanten aus dem Ausland derbäi waren.

8. Organisatiounsbestëmmunge bei internationale Campénger

8.1 Responsabilitéit vun de Gruppen a Verhalensregelen

- Et besteet eng direkt Verantwortung vun den eenzelne Chef/tainen, déi ee Grupp begleeden. Si si fir d'Behuele vun hire Leit, grad ewéi fir d'Duerchféierunge vum Camp-Programm responsabel (dat no Ofsprooch mat de Leit aus dem Topstaff)
- Virum Camp muss dem Staff eng verantwortlech Persoun vum Grupp matgedeelt ginn, déi dann an den Domainer Programm, Sécherheet a Gesondheet co-responsabiliséiert gëtt

8.2 Kultur

- Bei engem Camp mat auslännesche Gäscht ass op d'Verschiddenheet vun de Kulturen opzepassen

8.3 Sproochen

- D'Campsprooche mussen am Viraus kloer festgeluegt sinn. Et muss op d'mannst eng vun den offizielle WAGGGS, WOSM-Sproochen derbäi sinn. Dëst schléisst d'Lëtzebuergesch als Campsprooch net aus

8.4 Publikatioun

- déi 3 Logoen (LGS; WAGGGS; WOSM) mussen op der Publikatioun sinn
- d'Publikatioun muss an allen offizielle Campsproochen erauskommen
- d'Identifikatioun vum Organisateur muss däitlech sinn (z.B. lokale Grupp vun den LGS, Member vu WAGGGS a vu WOSM)

8.5 Participanten

- Guiden a Scouten déi um Camp deelhuelen, mussen aus Verbänn sin déi vu WAGGGS oder WOSM unerkannt sinn.

8.6 International Kontakter

- All éischte Kontakt mat auslännesche Verbänn muss iwwert den IC lafen
- De Camp huet een internationaalt Departement mat enger Kontaktpersoun
- Um Camp gëtt et een internationalen Ulafpunkt

8.7 Home-Hospitalitéit

- Et muss gekläert sinn ob Home-Hospitalitéit ugebuede gëtt oder net
- Wann Home-Hospitalitéit ugebuede gëtt, da muss gekuckt gi wéini? (virdrun an / oder dono) a wéi laang? (an Deeg)

9. Schlussbestëmmungen:

Bei onklore Situatiounen, déi an dësem Reglement net virgesi sinn, entscheet de Verbandscomité.